


Emweltberodung Lëtzebuerg asbl

# Tätégkeetsbericht

2020



1



EMWELTBERODUNG  
LËTZEBOURG  
ASBL

# Inhalt

|                                                        |    |
|--------------------------------------------------------|----|
| Virwuert vum Präsident .....                           | 4  |
| Eis Missiounen an Aufgaben .....                       | 7  |
| 1.    Mir sinn ? .....                                 | 7  |
| 2.    Mir maachen ? .....                              | 7  |
| Team EBL.....                                          | 8  |
| Reuniounen.....                                        | 11 |
| Kampagnen a Projeten.....                              | 12 |
| 1.    Campagnen .....                                  | 12 |
| 1.1    Ouni Pestiziden .....                           | 12 |
| 1.2    Ech kafe clever .....                           | 13 |
| 1.3    Transforma .....                                | 13 |
| 1.4    Green Web .....                                 | 15 |
| 1.5    Circular IQ als Nofolger vum NoBe.....          | 15 |
| 1.6    Littering.....                                  | 16 |
| 1.7    Energie [light].....                            | 16 |
| 2.    Projeten.....                                    | 17 |
| 2.1.    Nationale Bestëbserplang.....                  | 17 |
| 2.2.    Drénkwaasser.....                              | 18 |
| 2.3.    DiEFo: Digital Umwelt-Formation.....           | 18 |
| 2.4.    EUCF .....                                     | 19 |
| 2.5.    Harespel-Berodung .....                        | 19 |
| Publikatiounen .....                                   | 20 |
| 1.    Infografiken.....                                | 20 |
| 2.    ‘Mäin éischt Null-Offall-Buch’ .....             | 20 |
| Weider Tätigkeeten an Aktivitéiten.....                | 21 |
| 1.    Klimapakt 2.0 .....                              | 21 |
| 2.    Aktioun Nohaltegkeet .....                       | 21 |
| 3.    CFL Ëmweltcheck goes “midi malin” .....          | 21 |
| 4.    Echange mat der AEV zum Buedenschutzgesetz ..... | 21 |
| 5.    Neophyten .....                                  | 21 |

|                                   |    |
|-----------------------------------|----|
| Seminaren & Veranstaltungen ..... | 22 |
| 1. Seminaren .....                | 22 |
| 2. Veranstaltungen.....           | 22 |

# Virwuert vum Präsident

## D'EBL 2020



Fir eis all war d'Joer 2020 e schwieregt Joer, e Joer wou kee konnt viraussoen wat de nächsten Dag géif bréngen. Et war Flexibilitéit gefrot an Upassungsfäegkeet. Dee Moment wou kloer war dass mer net méi kéinten am Normalmodus schaffen hu mer als EBL ganz schnell an en aneren Aarbechtsmodus geschalt. Als kleng Struktur wéi d'EBL mat motivéierte Mataarbechter an engem reaktive Komitee konnte mer schnell an onkomplizéiert ëmswitchen. Mer hunn direkt e Whatsapp Grupp zesummegezat fir e séieren Échange tëscht Komitee a Mataarbechter ze garantéieren fir Informatiounen an Decisiounen séier kënne weider ze ginn. T'selwecht si mer och direkt an den Télétravail iwwergaangen, deen och haut nach zu engem groussen Deel funktionéiert. Deeglech Onlineteammeetinger garantéieren den Échange tëscht de Mataarbechter an a regelméisseg Visiokonferenzen, mol de ganze Komitee, mol jee no Projet just en Deel vum Komitee, ass garantéiert dass kee Projet un d'Stocke kënnt.

Och de Kontakt mat eise Memberen an Abonnenten ass praktesch normal weidergelaaf. Vlät ass dës Präsenz, och a schwierigen Ëmstänn, eng Ursach firwat mer weider e kontinuéierlechen Zoulaf hunn. Mer si frou dass eis EBL-Famill och am Joer 2020 weider gewuess ass, mer hunn 5 nei Member-gemengen konnten ophuelen, 3 Organisatiounen si nei bei d'EBL bäikomm an och 1 Privatmember huet sech der EBL ugeschloss. Ervirhiewe wëll ech awer dass Ufank 2021 nach eng Kéier 8 Gemenge bäikomm sinn an anerer ugefrot hunn fir Member ze ginn. Mer wäerten also am Joer 2021 méi ewéi 70 Membergemengen hunn, wouriwwer mer natierlech ganz frou sinn.

Bei eisem Personal si mer konstant bliwwen a si frou e Staff mat 6 Mataarbechter ze hunn, déi ganz motivéiert sinn. De bestännegen Zoulaf an déi regelméisseg Ufroen un d'EBL fir Projeten auszeschaffen ass sécher e Beweis dofir dass hir Aarbecht vun de Memberen a vun deenen déi eis beoptragen apprécieiert gëtt an d'EBL als e kompetente Partner gesi gëtt.

Wa mer beim Personal sinn, wëll ech hei dem Jill Diederich Merci soen fir säin Engagement am Team vun der EBL. D'Jill ass den 1. Abrël 2019 bei eis komm an huet aktiv bäigedroen dass eis Projeten am Beräich vun der Economie circulaire an der Bildung fir nohalteg Entwécklung op d'Schinn komm sinn. D'Jill huet eis am August 2020 verlooss huet, fir e neien Défi unzegoen. Mer wënschen him vill Succès a Satisfaktioun am neien Job. Fir d'Jill ze ersetzen konnte mer am Oktober 2020 d'Julie Garlinskas fir eis gewinnen, wat en Deel vum Jill sengen Aufgaben an Opträg iwwerholl a weidergefouert huet.

Wéi gesot hu mer en Team vu 6 Mataarbechter. Wann een d'Tätegkeetsberichter vun de läschte Jore liest, da stellt ee fest, dass d'Unzuel vu Projeten bestänneg klëmmt. Eng Rei Projeten an Initiativen sinn Dauerleefer, wou mer bestänneg gefuerdert sinn a wou mer besonnesch fir dat administrativ an organisatorescht méi Zäit mussen opwenden. An sech ass d'Zil vun der EBL zënter hiren Ufäng ëmmer gewiescht, fir mat Projeten an Initiativen Ustéiss ze ginn, fir domadder en Ëmdenken hin zu Klima-, Ëmwelt- an Naturschutz ze bewierken. Mer mierken dass mer momentan vill Zäit verléieren fir d'Gestioun vu verschiddenen Laangzäitprojeten an dofir ëmmer méi oft d'Zäit feelt fir nei an innovativ Iddien ze entwéckelen. Finanziell gesinn kënne mer net nach zousätzlech Mataarbechter mat an d'Boot huelen an

en Opblösen vun der EBL gesäit de Komitee och als net sënnavoll. Momentan funktionéieren mer am Team kollegial an dat leeft exzellent. Wa mer nach méi wuessen, da musse mer fréier oder spéider eng Hierarchie an eisem Team etabléieren, wat déi flott Zesummenaarbecht riskéiert méi schwéierfällg a manner effikass ze maachen.

De Bilan vun 2020 weist, dass mer eis Mataarbechter iwwer d'Mooss sollicitéiert hunn an dass mer un ze ville Projeten an Initiative schaffen. Dofir huet de Komitee sech mat hinnen Ufank 2021 ausgetosch fir Ofzeweien wat mer als EBL solle weider maachen a wou mer d 'Projeten oder de Suivi un anerer transferéieren.

Zesumme ware mer der Iwwerzeegung dass mer eis méi solle fokusséieren op nei Initiativen a visionär a kreativ Projeten mat deene mer wëllen ustoussen an incitéieren fir ausgetrëppelt Weeër ze verloossen. Heimadder wëlle mer eng méi héich Eegendynamik an de Gemengen lasstrëppelen.

Wourunner mer 2020 aktiv geschafft hunn kënn der am Detail an dësem Tätigkeitsbericht liesen, ech wëll dofir net am Detail op alles agoen, just e puer Elementer ervirhiewen.

De Projet Transforma huet e groussen Uklang fonnt an aus dësem ass zesumme mam Lycée technique des Arts et Métiers eng Mini-Entreprise entstanden, déi Bänken an Trennwänn aus Recyclingmaterial, déi een am ëffentleche Raum kann opstellen, produzéiere wollt. Leider konnten se hir Opdrägg net all ausféieren, well Pandemie-bedingt eng Partnerentreprise d'Opdrägg net méi konnt unhuelen. Dëse Projet dokumentéiert d'Kreativitéit vu Jugendlechen, déi verstanen hunn, dass mer fort musse vun enger Wegwerfgesellschaft an dass et Weeër ginn Material am Kreeslaf ze halen an et Méiglechkeete ginn aus eppes wat ausgedéngt huet erëm eppes Neies ze schafen.

Opdrägg déi mer vun Ministerien a Verwaltungen kritt hunn konnte mer zur Zefriddenheet ausféieren, hei ass de nationale Bestëpserplang ausgeschafft ginn an eng flott Drénkwaassercampagne, déi momentan leeft, déi de Bierger déi gudd Qualitéit vun eisem Drénkwaasser soll vermëttelen.

Wat eis zënter ëmmer auszeechent sinn eegen initiéiert Projeten. E puer dovunner wëll ech hei an de Fokus stellen.

D'läscht Joer si 4 ganz informativ Infografiken publizéiert ginn, déi opgewisen hunn wéi een Internet Meeschter gëtt, wéi een Liichtpollutioun kann évitéieren, a passend zur Pandemie, den Opruff keng Masken an d'Natur ze geheien, a wéi een effizient a mat wéineg Energieasaz am Homeoffice schafft.

Houfreg sinn ech iwwer eist „Mäin éischt Null-Offallbuch“, wat de Kanner am Fundamental spilleresch soll weisen wéi een Offall vermeide kann, a wéi een den Offall deen ee net vermeide kann, kann trennen a recycléieren a wéi ee munch Saachen weidernotze kann.

Deene wéinegsten ass bewosst, dass hir Web-Tätigkeet en enormen Energieverbrauch als Folleg huet. Fir dëst Thema unzeschwätzen a fir Weeër ze weisen, wéi een säi Footprint am Netz ka kleng halen, hu mer de Projet GreenWeb ugestouss. Dësen ass nach an der Entwécklung, mä ech sinn iwwerzeegt dass dësen e groussen Impakt wäert hunn op den Ëmgang mat den digitale Medien.

Natierlech si mer och a manche Beräicher zesumme mat aneren Acteuren aktiv.

D'Ebl ass Partner am Klimapakt an huet aktiv matgehollef de Moossnahmekatalog vum KP 2.0 auszeschaffen. Doriwwer eraus bidd d'EBL all de Gemengen Hëllefstellung un bei der konkreter Ëmsetzung vu Projeten um kommunalen Terrain.

Wéi scho gesot ass de BNE (Bildung fir nohalteg Entwécklung) op der Schinn. Dëst ass e risegt Tätigkeetsfeld an et gëtt groussen Nohuelbedarf, wëll Nohaltegkeet praktesch inexistent ass an de Léierprogrammer an eise Schoulen. Et bleift nach munches ze klären mä d'Demande, déi un eis erugedroën gëtt ass grouss an d'EBL kann eng aktiv Roll hei iwwerhuelen, fir Wëssen ze vermëttelen. De Lycée privé Fieldgen, mat deem mer 2020 eng gudd Kooperatioun haten, huet de Wonsch geäussert fir weider Formatiounen bei hinnen ze halen an aner Lycéeën hunn sech och interesséiert gewisen.

Eng Initiativ, déi mer besonnesch um Häerz läit ass d'Initiativ „Kleng Schrëtt“. Hei geet et drëm opzeweisen datt jiddereen, a sengem Alldag, doheem, op der Aarbecht an der Fräizäit mat klenge Verhalensännerungen e Bäitrag ka leeschten hin zu enger Reduktioun vu sengem CO2-Ausstouss. Ganz frou sinn ech dass mer déi Jonk vum “Youth for Climate” mat an dësem Boot hunn. Wichteg fir eis ass den Austausch mat Jonken, déi d'Welt anescht kucken an aner Ängscht hunn a virun allem aner Eruehensweisen fir Problemer unzeschwätzen an unzegoen. Si driwwen eis no vir a mer kënnen hir Iddien am Projet „kleng Schrëtt“ engem groussen Public siichtbar maachen. Ech hoffen dass aus deem heite Projet eng flott an dauerhaft Kollaboratioun gëtt.

Dëse Projet weist och, wéi mer eis et virstellen, wéi mer d'Leit dovunner iwwerzeegt kréien fir hiert Verhalen ze änneren. Et muss ee Leit motivéieren an hinnen erklären dass jidder Eenzelnen eppes kann dozou bäidroen fir aktive Klimaschutz ze maachen, sou wéi de Film “Demain” mat ville Beispiller weist, dass wa Leit motivéiert sinn a verstanen hunn wéi se kënnen aktiv ginn, se dat och maachen.

Leider iwwerweien dagdeeglech an der Press déi negativ Messagen. Et erlieft een dass just déi Messagen, wou Misère gewise gëtt, wou Katastrophe gewise ginn oder wou Politiker- a Beamtebaching gemaach ginn, an den Haaptiwwerschrëften erschéngen. Ass et wierklech dat wat d'Leit brauchen. D'Press spréngt prioritär op negativ Schlagzeilen, wahrscheinlech well hir Clientèle dat wëll héieren a liesen. All ze oft kommen dofir déi flott Projeten an Initiativen, déi an déi richteg Richtung ginn, net eraus. Et gëtt léiwer iwwer eis Gesetzer hiergefall, well duerch si Eenzelner sech benodeelegt fillen, oder well duerch si Projeten verzögert ginn. Och ass all ze oft ob der aner Säit d'Lecture vun dëse Gesetzer eng Verbuedslecture, obwuel vill Gesetzer och anescht kéinte gelies ginn a flott Projeten kéinten ënnerstëtzt ginn. Mä et ass méi einfach, och aus Ängscht virun negativer Press fir sech hannert engem Gesetz ze verstoppen an e Refus fir flott an innovativ Iddiën auszeschwätzen ewéi sech mat Argumenter fir eng Saach auszeschwätzen. Mer brauchen insgesamt méi eng pro aktiv Eruehensweis wou Initiateuren vu Projeten a Verwaltungen a Ministèreen no Weeër sichen wéi een d'Gesetzer esou kann interpretéieren dass eppes ëmsetzbar ass.

Mer wäerten als EBL eist dozou bäidroen dass dës proaktiv Virgehensweis sech duerchsetzt an dofir wëll ech eise Membere Merci soen fir hiren Input, de Mataarbechter fir hir Freed un der Aarbecht, hiert Engagement an hir Bereetschaft fir ëmmer erëm och nei Défien unzehuelen a schlussendlech e grouss Merci un all d'Membere vum Komitee, déi dësen Asaz bréngen nieft hirem normalen Job, an deem se och vill gefuerdert sinn. Ech wënschen eis all dat mer och fir dat nächst Joer e Kuerf voll Aarbecht hunn an datt mer zesumme den Ëmwelt- a Klimaschutz no vir bréngen an datt mer der Vill ob eisem Wee kënnen iwwerzeegen fir dee Wee mat eis ze goen.

**Guy SPANIER**

*Präsident vun der EBL a.s.b.l.*

# Eis Missiounen an Aufgaben

## 1. Mir sinn ?

- Neutralt Berodungsorgan fir Ëmweltfroen op Gemengeniveau
- Réseau vu kommunalen a privaten Ëmwelt- a Klimaberoder
- Austauschplattform am Ëmwelt- a Klimaschutzberäich
- Interesseverriedung vun de kommunalen Ëmwelt- a Klimaberoder
- Stëmm an diversen Aarbechtsgruppen oder anere Gremien
- Partner vu ville privaten an öffentlichen Akteuren

## 2. Mir maachen ?

- Organiséiere vu Weiterbildungen, Infoveranstaltungen an Exkursionen
- Ausschaffe vun innovative Pilotprojeten, Publikatiounen an Aarbechtshëllefen
- Schafe vun engem intensiven Austausch vun Erfahrungen an Iddiën tëscht de Gemengen
- Ënnerstëtzung beim Schafe vun engem Ëmweltservice a beim Astelle vun engem Ëmweltberoder an Hëllef fir Jonker beim Eraklammen an de Beruff
- Fördere vun der interkommunaler Zesummenaarbecht an deenen ënnerschiddlechsten Domainen, wéi e.a. am Naturschutz, bei der Waassergestioun, am Energieberäich, an der Offallwirtschaft, der Stadplanung, der Mobilitéit oder bei enger nohalteger Beschaffungspolitik.





## Team EBL

D'EBL gëtt geleet vun engem **Comité**, deen zum 31. Dezember 2020 onverännert zum Joer virdrun aus 11 Leit bestoung, déi alleguer berufflech am Ëmweltberäich tätig sinn.



Guy  
Spanier  
**Präsident**

Luc  
Friedrich  
**Vize-Präsident**

Pierre  
Schmitt  
**Sekretär**

Jos  
Mathieu  
**Trésorier**



Klaus  
Gröll

Estelle  
Rotondano

Martine  
Schummer

Max  
Klein

Caroline  
Calmes

Marc  
Jacoby

Jeannot  
Behm

D'EBL haat um 31. Dezember 2020 insgesamt 6 Mataarbechter, déi d'Dagesgeschécker vun der EBL geleed hunn. Bis August 2020 war d'**Jill DIEDERICH** nach bei der EBL-Ekipp, wat awer dunn eng nei Bestëmmung am Enseignement gesicht huet. Hatt gouf ab Oktober duerch d'**Julie GARLINSKAS** ersat. Doriwer eraus zielen de **Michel WILWERT**, de **Gil KIRCHEN**, d'**Marianne KOLLMESCH** an de **Nils LECHES** weiderhin zum Team an och d'**Aline SCHALTZ**, dat am August aus dem Mammecongé zeréck kouw. Wéi schonn 2019, huet och am Summer 2020 de Student **Nicolas PHILIPPY** bei engem Stage während 6 Wochen Erfarunge bei der EBL gesammelt.



Michel  
Wilwert

Aline  
Schaltz

Gil  
Kirchen

8

Julie  
Garlinskas


Nils  
Leches


Marianne  
Kollmesch



D'EBL huet zum 31. Dezember 2020 ganzer **18 abonnéiert Organisatiounen** (+3 : ECOLM, Maison Relais Bissen, CHEM) a **46 Privatmembere** (+1 : Mathieu Josiane) gezielt. Mir kruten am Joer 2020 mat Manternach, Ettelbréck, Leideleng, Noumer a Wolz dann och **5 Gemengen** als Abonnent dobäi, wouduerch d'EBL op Enn Dezember 2020 ganzer **59 Gemengen** zu hierem Réseau ziele konnt, an deene ronn 83% vun der Bevëlkerung wunnen.

| Member-Organisatiounen 2020 |                      |                          |
|-----------------------------|----------------------|--------------------------|
| CHEM                        | Maison relais Bissen | Syndicat des Eaux du Sud |
| CFL                         | Minett-Kompost       | Syndicat des Eaux du Sud |
| Commission européenne       | natur&ëmwelt         | SIDEC                    |
| ECOLM                       | Naturpark Our        | STEP                     |
| IGLux                       | OGBL                 | SuperDrecksKëscht        |
| LIST                        | Schroeder&Associés   | Wunnéngshëllef           |





| Member-Gemengen 2020 |                   |                          |
|----------------------|-------------------|--------------------------|
| BERTRANGE            | KÄERJENG          | SANDWEILER               |
| BECKERICH            | KAYL              | SCHENGEN                 |
| BETTEMBOURG          | KEHLEN            | SCHIFFLANGE              |
| BETZDORF             | KOERICH           | SCHUTTRANGE              |
| BISSEN               | LORENTZWEILER     | STEINFORT                |
| BIWER                | LINTGEN           | STEINSEL                 |
| BOURSCHEID           | MAMER             | STRASSEN                 |
| COLMAR-BERG          | MERSCH            | USELDANGE                |
| CONSDORF             | MERTZIG           | VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE |
| CONTERN              | MONDERCANGE       | VILLE DE DIFFERDANGE     |
| DALHEIM              | MONDORF-LES-BAINS | VILLE DE DUDELANGE       |
| DIEKIRCH             | NIEDERANVEN       | VILLE DE LUXEMBOURG      |
| DIPPACH              | PETANGE           | VILLE DE REMICH          |
| GARNICH              | RECKANGE-SUR-MESS | VILLE DE RUMELANGE       |
| GREVENMACHER         | REISDORF          | WALDBILLIG               |
| HESPERANGE           | ROESER            | WALDBREDIMUS             |
| HOBSCHIED            | ROSPORT-MOMPACH   | WALFERDANGE              |
| JUNGLINSTER          | SANEM             | WORMELDANGE              |

# Reuniounen

Am Laf vum Joer 2020 huet d'EBL u bal 250 Reuniounen, Aarbechtssitzungen a Projetsversammlungen deelgeholl, wat eng Steigerung vun ca. 10% par Rapport zum Joer virdrun duerstelt.

Duerch den Teletravail sinn d'Team-Meetings staark erop gaangen.

Duerch d'Pandemie sinn d'Veranstaltungen zeréck gaangen.

| Bezeechnung             | Unzuel     |
|-------------------------|------------|
| Comités-Sëtzungen       | 3          |
| Ouni Pestiziden         | 13         |
| Transforma              | 28         |
| Ech kafe clever         | 5          |
| Anti-Littering-Campagne | 5          |
| Green Web               | 10         |
| Plan pollinisateur      | 6          |
| Drénkwaasser-Campagne   | 14         |
| Klimapakt               | 25         |
| Null-Offall-Buch        | 5          |
| DiEFo                   | 19         |
| Aner Reuniounen         | 28         |
| Team Meeting            | 88         |
| <b>TOTAL</b>            | <b>249</b> |

# Kampagnen a Projeten

## 1. Campagnen

*Campagnen si längerfristeg Aktiounen, bei deenen d'EBL d'Koordinatioun iwwerholl huet oder den Initiator ass. Dës stellen eng gläichberechtegt Zesummenaarbecht tëscht enger ganzer Rei Partner duer, déi iwwer méi Jore geet an eng ganz Rei un ënnerschiddlechen Aktiounsfelder emfaasst.*

### 1.1 Ouni Pestiziden

#### Koordinatioun

D'EBL iwwerhëlt weiderhin d'Koordinatioun vun der Campagne Ouni Pestiziden.

#### Events a Projeten

Vu datt d'Campagne haaptsächlech Sensibiliséierung mécht, an och praktesch Ënnerstëtzung bei opkommende Froe bitt, huet d'Zeréckfueren vun den Aktivitéiten an der Pandemie an d'Verschibe vum generelle Focus hei e besonnesch groussen Effekt gehat.

Sämtlech geplangten Aktivitéiten hu missten annulléiert ginn: Semaine sans pesticides, Workshops, Virtrag, Analys vu Planzen op Pestiziden, Artikelen am Gemengebuert, Kontakt mat Gemengen-Servicer, Präsenz op Planzefester, Notzen vun der Ausstellung...

Folgend Aktivitéite ware méiglech:

Beim Projet „Wëllblummewis“ als Alternativ zum Gebrauch vu Pestiziden huet sech d'Sensibiliséierung ganz op de private Beraich, dës iwwer Facebook, konzentréiert. D'Verschécke vum Som per Post war eng ugepasste Méiglechkeet, déi vill Leit interesséiert huet. D'Tute fir 30m2 goufen agefëllt vum Bierschbecher Atelier. Just an der Gemeng Walfer konnt e Projet Wëllblummewis um Site vun der Réimervilla realiséiert ginn – eng virdrunn intensiv geréiert Fläch ass esou fir d'Biodiversitéit recuperéiert ginn.

De Projet « Mäi Park ass Ouni Pestiziden » oder « Mäi Gaart ass ouni Pestiziden » - eng Informatiounstafel, déi zum Matmaache soll inspiréieren – ass, der Situatioun geschëllt, just iwwer Facebook promoted ginn an hat bei de private Leit e gudde Succès. Och hei war den Envoi per Post eng machbar Méiglechkeet.



### Ausbléck

D'Ëffentlechkeetsaarbecht wäert weiderhinn e wichtege Volet bleiwen: souwuel duerch Artikelen wéi iwwer déi sozial Medien. D'Infopanneauë gi weider promovéiert, vill Gemenge bleiwen nach unzeschwätzen.

Vu datt Budget disponibel ass, kënnen mer dës Joer erëm Analysen duerchféieren, vu Planzen aus de Gemengen, déi Blummen ouni Pestizide geplant hunn.

Mir sinn als Campagne och disponibel fir d'LUGA2023 wann eist Wëssen am Beräich Ouni Pestiziden gefrot ass.

## 1.2 Ech kafe clever

### Koordinatioun

Et goufen 4 Reuniounen mat den Partner aus der Campagne ewéi SuperDrecksKescht an MECDD. Strategesch an praktesch néi Ausrichtungen vun der Campagne goufen opgezeechent an néi Pisten sollen punktuell ausgeschafft ginn. Am Dezember 2020 huet d'EBL am Kader vun den "Transition Days", een Workshop fir den Grand Public enneranemrem zu dësem Thema gemaach.

### Ausbléck

An Zukunft wäert den Know-How, an déi eenzel Informatiounen vun der Campagne „ech kafe clever“ méi gezielt an aner Projeten integréiert ginn, fir soumat den Sujet méi holistesch unzegoen, respektiv Visibilitéit ze stéiegegen. Synergien entste soumat konkret mat de Projeten Transforma, Kleng Schrëtt, a Grénge Web.



## 1.3 Transforma

### Historique

„Kreeslafwirtschaft konkret“ ass d'Leitmotiv vum Projet Transforma. Dësen Aarbechtsintensiven, mee spannende Projet probéiert mat konkrete Projeten d'Thema „économie circulaire“ de Jugendlechen an Entreprisë méi nozebréngen. An enker Cooperation mat Enseignanten,

professionellen Handwerker a verschiddene Partnerorganisatioune gëtt all Joer gezielt e spezifesch Thema vun de Jugendlechen/Schüler opgeschafft an ëmgesat.

2020 stoung am Kader vum „Social Distancing“, wat dem Schüler d'Virgab fir seng Projet-Idee festgeluecht huet. Schüler aus dem Lycée des Arts et Metiers haten als Aufgab „interaktiv“ Elementer ze entwéckelen, déi Persounen motivéiert a fërdert a Covid-Restriktionen, „sozial Interaktiounen“ anzegoen an awer gläichzäiteg déi „physisch Sanitärdistanz“ anzehalen.

Weider Krittäre wore Recycling-, Baubiologesch- a Modularupassungsfähegkeet. Entwéckelt goufen eng 6 ganz ënnerschiddlech an extrem kreativ Konzept-Ideen, vun deenen 2-3 am Joer duerno ausgeschafft a realiséiert solle ginn.

Virgoensweis besteet doranner dass 12ième+13ième "Design" Klass eng Recherche vun de Besoin'en um Terrain maachen. Dann éischt Iddien entwéckelen an eng Materialrecherche maachen. Dës Informatiounen ginn dann an enger zweeter Etapp zesummen an der Klass opbereet an éischt Konzeptideen ginn entwéckelt. An der leschter Etapp ginn dës Konzepte an 3D-Modelléierung virtuell getest. An deem ganze Prozess gi Schüler nieft dem Schoulpersonal och vun externe Professionellen aus dem Secteur beroden. Ee finale Jury entscheet sech da fir déi konkret Ëmsetzung vun deem een oder anere Projet.

Nieft dëse gréisseren Aktivitéiten, wor Transforma och am Ufank vum Joer fir punktuell Workshops anere Schoulen ënnerwee. Dorënner waren 2 Klassen aus dem Secondaire an eng aus der Grondschoul. Opgrond vun der sanitärer Situatioun hunn dës Interventiounen awer virun Ofschluss vum Projet ofgebrach missen ginn.

Allgemeng huet de Projet Transforma, wéinst senger interaktiv Komponent an dem Opkomme vun der Covid-Kris missten staark reduzéiert, respektiv ugepasst ginn.



### Ausbléck

D'Konzept-Iddien sollen 2021 realiséiert a weider Kooperationsideen developpéiert ginn. Den Transforma soll weiderhinn an de Schoulen duerchgefouert ginn a gezielt den Austausch mam professionellen Handwerk sichen. E Kompetenznetzwerk wat sech ronderëm dat Thema „Kreeslaftwirtschaft“ um konkreten Niveau ofspilt, soll weider lues a lues opgebaut ginn.

## **1.4 Green Web**

### *Lancement vum Projet*

Dësen néie Projet behandelt Thema „nohalteg Digitaliséierung“. Zilpublikum betrëfft Gemengen, Entreprises, Associatiounen ewéi och den normalen Bierger. Geschäfer gouf eng éischt Plattform [www.grengeweb.lu](http://www.grengeweb.lu). Dësen Site huet als Zil praktesch Tipps an Tricks opzelëschten wéi ee sän eegenen digitalen ekologeschen Foussofdruck miniméieren kann.

Wéider wäert d'EBL een digitalen Tool zur Verfügung stellen deen den ekologesche Foussofdruck vu Websäiten analyséiert a Verbesserungsvirschléi proposéiert. Dësen Tool gëtt an Zesummenaarbecht mat Autisme.lu ausgeschafft a wäert de Gemengen, Entreprises an Associationen zur Verfügung gestallt ginn.

### *Ausbléck*

En Netzwierk vu kompetenten Acteuren wäert ronderëm dat Thema opgebaut ginn. Weider geplangt sinn och konkret Formatiounen an Workshop zu deem Thema. Enn 2021 ass geplangt den Websäiten Analysetool öffentlich ze präsentéieren.



## **1.5 Circular IQ als Nofolger vum NoBe**

### *Aktualitéit*

De Projet NoBe gëtt net weider verfollegt. Am Dezember 2020 gouf et eng kick-off-Veranstaltung vu myenergy fir hire Projet Circular IQ, dem Nofolger vum NoBe.

### *Ausbléck*

D'EBL ass net direkt bedeelegt. Mee mir begleeten de Circular IQ an der Konzeptions-Phase, fir d'Wëssen an d'Aarbecht, déi am NoBe gelescht a gesammelt gi waren, an de neie Projet mat afléissen ze loossen.



## 1.6 Littering


### Aktualitéit

D'Campagne géint de Littering aus dem Joer 2019 sollt 2020 hir Forsetzung an enger Kooperatioun mat de Jongbauere fannen, déi e grouse Problem mam Littering an dem Hondsdreck en vue vun der Gesondheet vun hierem Véi hunn. Eng Zesummenaarbecht tëscht EBL, MECDD, dem Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture & du Développement rural an de Jongbaueren ass entstan. E spezielle Layout vum Motiv mat der Kou ass entwéckelt ginn, 320 Schëlter sinn am ganze Land un d'Bauern geliwwert ginn.

Leider huet d'Covid-Pandemie dem Lancement vun der Aktioun e Strich duerch d'Rechnung gemaach.

### Ausbléck

Relance vun der Aktioun mat de Jongbaueren aus 2020, Relance vun de Gemengen.



## 1.7 Energie [light]


### Aktualitéit

D'Neioplage vum Projet Energie [light] ass 2020 a säin 3. Joer gaang. Mat initial 9 Gemengen, hunn am Laf vum Joer awer 4 Gemengen de Projet fale gelooss, sou dass insgesamt 5 Gemengen (Beefort, Diddeleng, Mäerzeg, Reckeng-un-der-Mess, Schëtter) hier monatlech Energieverbräich (Hëtzes, Stroum a Waasser) an den deelhuelende Gebeier iwwer e ganz Joer dokumentéiert hunn.

De Projet Energie [light] ass e Gemeinschaftsprojekt tëscht der EBL an dem Klima-Bündnis Lëtzebuerg.

### Ausbléck

De Projet gött zur Zäit roue gelooss.



## 2. Projeten


*Projete si kuerzzäiteg Aktiounen oder eemooleg Initiativen, déi meeschtens net méi laang wéi 1-2 Joer daueren a bei deenen d'EBL entweder den Initiator ass oder mat dru geschafft huet. Dës Projeten hunn dann och meeschtens ee festen Ofschloss a keen oppent Enn. Et kënn awer och vir, dass aus engem ufängleche Projet spéider eng laangjäreg Campagne entsteet.*

### 2.1. Nationale Bestëbserplang

D'EBL krut am Summer 2019 den Optrag vum MECDD fir e nationale Plang zum Schutz vun eise Bestëbserinsekten auszeschaffen. Et soll e ganz prakteschen Plang mat ville konkrete Moosnamen ausgeschafft ginn an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Acteuren.

Den Austausch mat alle concernéierten Acteure gouf via eng Online-Plattform [www.planpollinisateur.org](http://www.planpollinisateur.org) an via 4 regional Workshops an 1 Kick-Off Meeting organiséiert. Op den Reunionen hunn 170 Leit aktiv deelgeholl an iwwer 560 schrëftlech Interventiounen goufe gemaach.

Dëse ganz prakteschen a konkreten Input, zesumme mat der Hannergrond- a Basis-Recherche ginn an enger Proposition fir de nationale Bestëbserplang zesummegefuert. E finale Rapport mat Recommandatiounen gouf dem MECDD virgeluecht.



## **2.2. Drénkwaasser**

D'EBL huet op Ufro vun der Waasserverwaltung am Summer 2019 eng Offer gemaach fir eng Sensibiliséierungscampagne zur Promotioun vum Drénkwaasser auszeschaffen. D'Offer gouf ugeholl, de Budget vun der AGE awer érischt fir 2020 engagéiert. Et soll erem Vertrauen an eist Drénkwaasser geschaf gi beim grand public, fir dass nees méi Leitungswaasser gedronk gëtt. Gläichzäiteg soll dës Wäertschätzung vum Waasser awer och kloer maachen, dass een eist Drénkwaasser net onnéideg verbëtze soll. Nieft dem grand public sollen awer haaptsächlech och d'Schoulen an Zilpublikum vun der Aktioun sinn. Deementspriedend sollen Atelierer an Aarbechtsmaterialien fir de Fundamental ausgeschafft a Formatioune fir Léierpersonal entwéckelt ginn. D'Campagne soll nees zesumme mat den Agencen Headroom a Welcome to SKIN an an Zesummenaarbecht mat der ALUSEAU, de Waassersyndikater, dem Miselerland, dem Réidener Waasserhaus an anere Partner ausgeschafft ginn. D'EBL huet 2019 schonn un der Campagne geschafft, allerdings gouf d'Aarbecht ënnerbrach, duerch eng Pétitioun vu REFILL zum Drénkwaasser, déi an der Chamber diskutéiert gouf an opgrond vun dëser eng Sensibiliséierungscampagne am HORECA-Sektor ugekënnegt gouf. Kooperatiounsgesprécher mat alle concernéierte Ministère (Ëmwelt-, Konsumenteschutz-, Mëttelstandsministère) an Akteure gouf et awer schonn, sou dass d'Campagne ab Hierscht 2020 konnt weider ausgeschafft ginn.

Dëse ganz interessanten Optrag fir den MECDD an d'AGE huet e Bemol: duerch Personalwiessel an den Administratiounen a vill Changementer an deem wat d'Campagne soll ausmaachen, ass schlussendlech kee Budget säitens MECDD/AGE fir der EBL hir Aarbecht iwwereg bliwwen – ëm esou méi penibel, well den Opwand vill méi héich war, wéi ugangs virgesinn. En Optrag vun dëser Envergure ass net duerch eis Conventioun ofgedeckt.



## **2.3. DiEFo: Digital Umwelt-Formation**

De Projet DiEFo stellt eng nei, digital Form vun der interner Informatioun a Sensibiliséierung vum Gemengepersonal, awer och vun der formation continue fir Gemengen- a Staatsbeamten an Employéen am ëffentleche Beräich duer. Et handelt sech heibäi ëm eng multimedial, digital Léierëmgéigend, iwwer déi eng Weiterbildung eegeverantwortlech, zäitlech onofhängeg an ouni sech ze déplacéiere kann duerchgefouert ginn.

Zil vum Projet ass et, eng Informatiouns- a Weiterbildungsmethode ze entwéckelen, déi op digitale Medie baséiert, universell asetzbar a beliibeg erweiterbar ass. Dat ganz soll op eng ongezwongen a spilleresch Art a Weis geschéie, fir doduerch eng méiglechst grouss Unzuel vum Gemengepersonal dozou unzereegen, sech iwwer ëmweltrelevant Themen aus der Gemeng ze informéieren, ouni zevill Contrainten an Ëmstänn. Thematesch sollen an dëser éischter Versioun d'Theme Knaschtvermeidung a -reduzéierung, Upcycling a Recycling behandelt ginn

Dësen Projet stellt onsen 50/50 Aktivitéit fir Joer 2020 duer. Dëst bedeit dass EBL an den MECDD jeeweils 50% vum Budget bäisteieren. Am Joer 2020 war den Output: Festleeën ënner wéi enger Form dës Formatioun soll entwéckelt ginn; Entwéckele vum pädagogesche Konzept; Uneegenen vun de Fähegkeeten fir mat de Programmen ze schaffen fir dës Formatioun opzebauen; Partnerschaft mam INAP fir den Hosting; Festleeën vun der Barrierrefräiheet vun der Formatioun; visuell Gestaltung duerch en externen Illustrator.

De Projet gëtt 2021 weider gefouert.

## **2.4. EUCF**

Déi europäesch Initiativ 'EUROPEAN CITY FACILITY' bitt de Gemengen a Gemenge-Syndikater eng Méiglechkeet fir Moossnamen am Energie- a Klimaberäich ze finanzéieren. D'Subventioun gëllt fir Investitiounspläng am Hëlbäck op nohalteg Energie-Projeten.

D'EBL ass am September 2020 ugeschwat ginn, fir d' 'national network' vun deem Projet ze iwwerhuelen, woubäi d'Energieagence den 'national expert' fir technesch Froen ass.

Eis Roll besteet dodranner fir Webinaren, wou erklärt gëtt wéi d'EUCF funktionnéiert, zu deene verschiddene Calls ze organiséieren, fir Reklamm dofir ze maachen, souwéi fir de Reporting zu de Calls ze maachen.

Dëse Projet leeft vun 2020 bis 2022. 2020 war den éischte Call am Oktober, deem duerch e Webinar lancéiert ginn ass. Den zweete Call ass fir Mäerz 2021 virginn.



## **2.5. Harespel-Berodung**

D'natur&ëmwelt Asbl huet e Berodernetzwierk gegrënnt, dat mam Zil eng Landeswäit Berodung a Léisungsvirschléi am Ëmgang mat Harespelen, respektiv Harespelsnäschter anzeriichten. EBL hëllt un dësem Reseau als Beroder aktiv deel.


An der Harespel-Saison ass dës Aufgab deels ganz intensiv fir d'EBL gewiescht, mat méi wéi 1 Mol pro Dag sollicitéiert ze ginn – och well de Reseau nach net perfekt opgebaut war. Fir 2021 ass eng besser Organisatioun an Aussicht.

# Publikatiounen

## 1. Infografiken

Am Joer 2020 huet d'EBL insgesamt 4 Infografiken publizéiert. D'Thema waren déi folgend: Internet-Meeschter, Manner Luuchten; Mei Stären, Schutzmasken gehéieren net an d'Natur, Home-Office.

Insgesamt ginn d'Infografike vun iwwert 50 Gemengen a Partnerassociatiounen vun der EBL regelméisseg genotzt.



## 2. 'Mäin éischt Null-Offall-Buch'

Op Ufro vum SICA hin gouf 2019 décidéiert, eist Recycling-Buch, wat schonn iwwer 20 Joer al ass, komplett ze iwwerschaffen a nei erauszebréngen. Den Design vum Buch gouf vum Illustrator Drazen Medakovic gemaach, den Inhalt gouf an Zesummenaarbecht mat den SICA, SIDEK, der SuperDrecksKëscht, der Ëmweltverwaltung realiséiert. D'Finanzéierung ass duerch déi genannte Partner, wéi och dem Ëmweltministère ofgeséichert.

D'Bichelchen war am Dezember 2020 fäerdeg, de Ministère wëll d'Publikatioun am Joer 2021 maachen.

E Kontakt mam SCRIPT huet erginn, datt d'Bichelchen an de Schoule ka genotzt ginn. 2021 soll an Zesummenaarbecht mam SCRIPT eng Lehrerhandreichung erschafft ginn. Et ass net ausgeschloss, dass d'Iddi vun esou engem Bichelchen och fir aner Umwelt-Themen weiterentwéckelt gëtt.





# Weider Tättegkeeten an Aktivitéiten

## 1. Klimapakt 2.0

D'EBL huet sech engagéiert fir de Klimapakt 2.0 d'Gemengen aktiv ze ënnerstëtzen. Zesumme mat Klima-Bündnis Lëtzebuerg, CELL an dem IMS gouf dëss Volontéit och säitens dem MECDD an Myenergy nach emol betount.

D'EBL wäert 2021 de Gemenge konkret Mesurë virstellen, wou dës op d'Ennerstëtzung vun der EBL ziele kënnen.

## 2. Aktioun Nohaltegkeet

D'Aktioun Nohaltegkeet ass eng Plattform fir nohaltegt Handeln zu Lëtzebuerg, op där Artikelen, Links an Informatiounen zu nohaltegen Initiativen am Land verëffentlecht ginn.

Haaptkoordinatioun huet [www.uni.lu](http://www.uni.lu), woubäi d'EBL sech an an engem sougenannte "Steering Group" vun der Plattform befënnt.

## 3. CFL Ëmweltcheck goes "midi malin"

2020 huet d'CFL d'Servicer vun der EBL net weider an Usproch geholl.

Mee fir 2021 si kuerz Interventiounen zu Ëmweltthemen an der Mëttesstonn op hiren „midi malin“ geplangt.

## 4. Echange mat der AEV zum Buedenschutzgesetz

De Projet zum Buedenschutzgesetz huet duerch Avisen vum Staatsrot Retard kritt. Eréischt fir 2021 ass ze erwaarden, datt d'AEV op eis zeréck kënnt, fir de Projet vun de Buedemprouwen fir d'Charakteristika vun de Buedemparzellen ze erfaassen, zesumme mat de Gemengen ze organiséieren.

## 5. Neophyten

De Projet fir ANF e Guide iwwert d'invasiv Neophyten an hir Alternativen ze erstellen, huet säitens der ANF Retard kritt. Eréischt am Oktober hu mir den Accord kritt, datt de Budget iwwer de Fong accordéiert ass.

Mir hunn de Projet op 2021 verluegt, well um Enn vum Joer 2020 aner Projeten prioritär waren.

# Seminaren & Veranstaltungen

## 1. Seminare

- Transforma an de Schoulen Januar-Mäerz 2020
- 'wéi eng Wëllblummewiss uleeën' TUZD Uelzechtdall 8/Mäerz
- Bureau écologique – Transistion Days 14/Dez

## 2. Veranstaltungen

- Regional Workshops Bestëpserplang Januar, Februar 2020
- Transforma op den Ëmweltwochen zu Suessem 29/Feb
- Transforma – porte ouverte Lycée des Arts et Métiers 13+14/Mäerz
- Klimapaktdag 9/Sept
- Marche gourmande alternative 11/Sept

**D'Team vun der EBL ass och 2021 fir Iech do!  
Zesumme fir eng gesond Ëmwelt!**